**Action de sensibilisation & d'information commune de l'OGBL et du LCGB**
03 décembre 2024

**Discours du Président national du LCGB, Patrick DURY**

(et zielt dat geschwate Wuert)

**Léif Kolleeginnen a Kolleegen,**

Ech si wierklech frou, datt dir all dem gemeinsamen Opruff vun OGBL an LCGB suivéiert hutt an haut op des gemeinsam Konferenz komm sidd! Wann ech an de Sall kucken, da sinn ech duerch Är massiv Präsenz iwwerzeegt, datt mir eis all der Gravitéit vun der Situatioun bewosst sinn.

Am Fong besteet de Problem doranner, datt d'Letzebuerger Regierung eng EU-Direktiv iwwert de Mindestloun soll ëmsetzen an där och festgeluecht ginn ass, datt all Land vun der EU dofir suerge soll, datt den Taux de couverture vun de Kollektivverträg op 80% soll klammen.

Des Direktiv definéiert dobäi ganz kloer, datt Verhandlunge mat de Gewerkschaften ze féiere sinn an huet och eng Clause de non-régression, déi garantéiert, datt duerch d'Ëmsetze vun däser Direktiv déi aktuell Legislatioun an de Memberlänner net duerf verschlechtert ginn.

Den Aarbechtsminister soll deementspriechend e Plan d'Action national ausschaffen, fir datt mir hei am Land vu 55% taux de couverture vun de Kollektivverträg op 80% kommen. D'Vertrieder vum OGBL an LCGB am Comité Permanent du travail et de l'Emploi hunn dunn awer net schlecht gestaunt, ewéi si déi éischt Versioun vun dësem Schrieb virun Aen haten.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Dëst Dokument stellt déi schlëmmsten Attack op d'Acquise vun de Salariéen aus dem Privatsecteur duer. Eng Attack och op eis Gewerkschaftsrechter an op d'gewerkschaftlech Fräiheeten, déi mir eis zanter dem Enn vum 2. Weltkrich erstridden hunn!

Mir hunn dem Aarbechtsminister onmëssverständlech matgedeelt, datt dës Approche keng Basis duerstellt op där mir kenne schaffen. OGBL an LCGB hunn eng kloer Géigepropos ausgeschafft, déi den Aarbechtsminister ewéi een arrogante Schoulmeeschter géigeniwwer vu sengen domme Schüler vum Dësch gefeegt huet.

Mee dat net genuch: den Aarbechtsminister huet och nach eng drop gesat an e reegelrechte Kräizzuch duerch d'Presse gestart! Do ass eng Frechheet op déi aner komm:

- réckstänneg Gewerkschaftler a Gewerkschaften, déi keng Anung hu, wat an der Gesellschaft lass ass;
- Gewerkschaften, déi soi-disant näischt méi duerstellen, well den Taux de Participation an der Chambre des salariés bei de Sozialwalen nëmme bei 35% läit;
- een Taux d'affiliation vun de Gewerkschaften, dee réckleefeg wier;
- an Divisioune vun neutralen Delegéierten, déi jo och musse kënnen hiert Wierdche matschwätze, wat Kollektivverträg ugeet oder besser direkt déi réckstänneg Gewerkschafte ganz kënnen ersetzen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Dës Aussoen aus dem Mond vun engem Aarbechtsminister sinn e Schlag an d'Gesiicht vun alle Syndikalisten, déi zanter méi ewéi 100 Joer sech hei am Land fir d'Aarbechts- a Liewenskonditioune vun hire Kolleegen asetzen an agesat hunn.

Den Aarbechtsminister huet sech op eng zynesch a pervers Manéier d'Theorie vum Patronat zu eege gemaach a wëll ënnert dem Deckmäntelche vun enger Modernisatioun zeréck an 18. Joerhonnert.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

OGBL an LCGB si sech eens, datt all dëst muss op d'Schäerfst zeréckgewisen a bekämpft ginn!

Den Aarbechtsminister huet e puer wesentlech Argumenter vergiess an et seet och genuch iwwert seng Handlungsweis aus, wann ee weess, datt esou ee Plan d'action och mam Minister an de Sozialpartner hätt kënne verhandelt ginn.

Hei am Land, wou dat Kriseninstrument Tripartite geschafe ginn ass an enorme Succès kennt, well d'Regierung op eemol net méi verhandelen, mee just nach consultéieren! Eleng dat schléit dem Faass de Buedem aus!

De Minister an déi ganz Chamber ginn nach just vun engem Drëttel vun der Lëtzebuerger Populatioun gewielt a si scho laang net méi representativ, wann et ëm déi ganz Lëtzebuerger Gesellschaft geet. Esou guer nach manner representativ, wann een d'Kolleege Frontaliere géing matrechnen, well d'sozial Kohäsioun fir eis net dierf op de Landesgrenzen ophalen.

Am Fong sinn déi eenzeg, déi de Privatsecteur konkret a korrekt kënne representéieren, d'Chambre des salariés an déi national representativ Gewerkschaften OGBL an LCGB, déi zesummen 90% vun de Mandater an der CSL vertrieden an duerch hier gewerkschaftlech Aktivitéiten a Strukturen si mir staark am Häerz vum Privatsecteur engagéiert. An dëst och als eenzeg Organisatiounen an der Groussregioun.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Dëst stellt wäit méi duer, ewéi 35 Deputéiert déi mol net 60% vun engem Drëttel vun den Awunner vun dësem Land vertrieden. Déi 10.000 Memberen, déi déi gréisste Regierungspartei affichéiert, stellen dann och net enorm vill duer, wann een se mat deene méi ewéi 125.000 Membere vum OGBL an LCGB vergläicht!

Den Aarbechtsminister versteet anscheinend net, datt d'Gewerkschaften déi eenzeg sinn, déi sech säit dem éischten Dag, datt et se gëtt - am Fong ass et d'Iddi op där eist Fundament als Gewerkschafte steet - fir d'Moderniséierung an d'Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen a Liewenskonditioune vun de schaffende Leit an de Rentner asetzen.

Mir maachen dat all Dag a mat all Kollektivvertrag, dee mir ënnerschreiwen, mat all Tripartitesaccord, dee mir mat op de Wee bréngen a mat dem vollen Engagement vun eise Vertrieder an der Sécurité Sociale.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

OGBL an LCGB hunn an de leschten 100 Joer enorm vill erreecht. Mir brauchen eis net ze verstoppe mat eise Resultater, och a besonnesch net am Ausland, wou jo vill vun de Ministeren an Deputéierte vun de Regierungsparteien sech menge missen inspiréieren a missionéieren ze loossen.

Eis däitsch Kolleege bieden ech mech ze entschëllegen, awer fir eis ass et kloer: "Am deutschen Wesen wird die Welt nicht genesen!"

Den Aarbechtsminister ass dofir komplett dernieft, wann hien neutralen oder vill mei Patronsdelegéierten d'Verhandlungsrecht fir Kollektivverträg well opmaachen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Wéi soll dat goen? Wéi soll an esou Verhandlungen e Rapport de forces ouni Gewerkschafte kënnen entstoen? Wei ass et ëm Onofhängegkeet vun dësen Delegéierte gestallt, déi ouni Gewerkschaft do musse stoen a wou ass d'Wëssen, d'Kompetenze fir an esou Verhandlunge kënnen ze bestoen?

Wéi kann dann esou eng Delegatioun ee méiglechen Aarbechtskampf duerchzéien oder féiert net vläicht ëmgedréint esou eng Approche zu extreemem Chaos, well all Mënsch mengt e kéint wierklech maache wat e well?

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Den Aarbechtsminister ass komplett um Holzwee an zéckt och net, eng EU-Direktiv op eng illegal Aart a Weis ëmzesetzen. D'Politik vun der Regierung ass dem Geescht an dem Contenu vun dëser Direktiv diametral opposéiert!

OGBL an LCGB weisen dat kloer zeréck, grad ewéi mir eis op d'Äusserst wäerte wieren, wann et drëms goe wäert, de Contenu vun de Kollektivverträg auszehielegen an eenzel wichteg Elementer op Delegatioun outzesourcen.

De Premierminister a säin Aarbechtsminister rudderen zwar elo virsichteg zeréck, mee hir Kommunikatioun ass chaotesch a widdersprëchlech, ewéi wann si sech ëmmer nach wéilten eng Dier ophalen. D'Regierung a besonnesch den Aarbechtsminister hunn enorm vill Vertraue bei eis Gewerkschaftler verspillt a mir wëllen net méi wëssen, wat si mengen oder net. Mir wëlle Schwaarz op Wäiss kréien, wat si wëlles hunn.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

D'Fuerderunge vum OGBL an LCGB sinn der Regierung bekannt:

- Éischtens: d'Verhandlungsrecht an d'Ënnerschrëftsrecht fir Kollektivverträg muss bei den national repräsentative Gewerkschafte bleiwen;

- Zweetens: Kollektivverträg duerfen net an hirem Inhalt beschnidde ginn;
- Drëttens: mir brauchen eng Reform vum Kollektivvertragsgesetz, déi de Rôle vun de national repräsentative Gewerkschafte stäerkt:
  - doduerch, datt mir fir méi an nei sektoriell Kollektivverträg eng Verhandlungsflicht vum Patronat an d'Gesetz verankert kréien;
  - doduerch, datt d'Existenz vun engem Kollektivvertrag bei staatleche Soumissiounen a budgetären Hëllefen a Subventioune quasi eng Conditioun gëtt;
  - doduerch, datt mir d'Conciliatiouns- a Streikprozedur hei am Land vereinfachen.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Regierung a Patronat stiechen hei ënnert enger Decken. Den Ex-Präsident vun der Chambre de Commerce, Hand an Hand mam Chauffage Sanitaire vun Esch, deen un der Spëtzt vun der UEL steet, hunn eng reaktionär, eng destruktiv Agenda, déi d'Acquise vun de Salariéen, de Rôle an d'Rechter vu fräien an onofhängege Gewerkschaften net nëmme wëlle beschneiden, se wëllen se futti maachen!

De Premier, säin Aarbechtsminister an den Häuptling vun der UEL kënnen eis net verstoen, si verstinn net, wat et heescht géint Loun mussen ze schaffen. Sie verstinn och net, wat eis undreift, nämlech d'Verlaangen an den Engagement fir méi sozial Gerechtegkeet, eng Gesellschaft, déi solidaresch an inklusiv ass an déi de Salariéen hei am Land déi selwecht Rechter a Flichten zougesteet an dat egal wou se wunnen! An dat fuerdere mir net nëmmen hei am Land, mee och an engem gemeinsamen a sozialen Europa.

OGBL an LCGB hunn dobäi d'Instrument vum Dialog als prioritär, als absolut wesentlech betruecht an domadder de soziale Fridden hei am Land exemplaresch geséchert!

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

OGBL an LCGB si sech eens: Wann eis Fuerderungen net ëmgesat ginn, da wäerte mir bis zum Äusserste goe mat Streikaktiounen an engem Generalstreik wann et da muss sinn! Mat eis gëtt et kee Wee zeréck!

Dem Aarbechtsminister säi Wonsch, fir sech Frankräich als Beispill ze huelen, kann also méi séier Realitéit ginn, ewéi hien et mengt!

D'Zesummenaarbecht tëschen OGBL an LCGB ass dofir extreem wichteg, well nieft dësem Probleem wat d'Kollektivverträg ugeet, hu mir nach Dossieren ewéi d'Ofsécherung vun eiser Pensiounskeess, d'finanziell Consolidéierung vun eiser Gesondheetskeess an d'Rechter vun de Frontaliere, fir déi mir mussen antrieden, gemeinsam an decisiv.

Ech wëll dann zum Schluss nach mat engem weideren Iertum vun döser Regierung opraumen: OGBL an LCGB sinn net un engem Alibi Sozialdialog interesséiert!

Mir fuerderen d'Ofsécherung an d'Weiderentwécklung vun eisem Sozialmodell, deen op de Kollektivverträg fir besser Aarbechtskonditioune fir d'Salariéen, der nationaler Tripartite als Kriseninstrument, fir Aarbechtsplazen an Existenzen ofzesécheren, an enger performanter an cogeréierter Sécurité Sociale am Intérêt vun allen Assuréë besteet.

**Kolleeginnen a Kolleegen,**

Dëst ass déi eenzeg Dräifaltegkeet, un déi den LCGB nach gleeft! An et ass deemno fir eise Sozialmodell, wou mir eis voll a ganz zesumme mat de Kolleege vum OGBL wäerten asetzen. Wann d'Regierung mat op de Wee geet, da komme mir och gemeinsam virun.

Wann et weidergeet mat der reaktionärer Politik, déi alles wëll futti schloen, da stellt sech fir eis d'Fro ewéi laang d'Salariéen sech dës Regierung, mee zumools dësen Aarbechtsminister an d'Ministesch vun der Sécurité Sociale, nach kënne leeschten.

Fir OGBL an LCGB gëllt: Whatever it takes!

Fir Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet!

Fir d'Acquise vun de Salariéen a Rentner!

Fir eis gewerkschaftlech Fräiheeten an Rechter!

Fir d'Gläichbehandlung vu Fonction publique a Privatsecteur an dësem Land!

Vive d'Salariéen,

Vive déi national repräsentativ Gewerkschaften, déi Lëtzebuerg, déi eist Land mat op deen Niveau bruecht hunn, wou mir haut stinn.

Merci fir Är Opmierksamkeet!